

FROEN an ÄNTWERTEN



CONSEIL D'ÉTAT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

1 | **Wat sinn dem Staatsrot seng Missiounen?**

D'Missioun vum Staatsrot besteet doran, zu all de Gesetzesprojeten, Gesetzesproponen an den Amendementer en Avis ofzeginn. Dëst gëllt och fir d'Reglementsprojeten.

D'Regierung kann de Staatsrot bidden, zu all wichteger juristescher Fro seng Meenung ze ginn.

De Staatsrot muss seng Zoustëmmung ginn, wann d'Chamber keng zweete Kéier iwwert e Gesetz ofstëmme wëllt.

2 | **Zënter wéini gëtt et de Staatsrot?**

De Staatsrot gouf mat der Revisioun vun der Verfassung vum 27. Oktober 1856 geschaf. Duerch d'Verfassungsrevisioun vum 13. Juni 1989 ass de Staatsrot eng eegestänneg Institutioun ginn.

3 | **Wéi ass de Fonctionnement vum Staatsrot geregelt?**

De Fonctionnement vum Staatsrot gëtt vum Gesetz vum 16. Juni 2017 iwwert d'Organisatioun vum Staatsrot geregelt.

4 | **Wéi setzt sech de Staatsrot zesummen?**

De Staatsrot setzt sech aus 21 Conseillere zesummen, vun deenen op d'mannst 11 Juriste sinn. Doriwwer eraus kann den Ierfgroussherzog och Member vum Staatsrot sinn.

D'Conseillere gi vum Groussherzog genannt, an dat jeeweils zu engem Drëttel op Virschlag vun der Regierung, der Chamber, respektiv dem Staatsrot selwer.

E Sekretariat vun 20 Leit hëlleft de Conseillere bei hirer Aarbecht.

5 | **Wéi vill Frae si Conseillere?**

D'Gesetz gesäit e Minimum vu 7 Frae vir.

6 | **Ginn d'Conseillere fir e liewenslaangt Mandat genannt?**

Nee. Nëmme den Ierfgroussherzog gëtt ouni zäitlech Begrenzung genannt. All aner Conseillere gi fir e Mandat vun 12 Joer genannt an dierfen dat Mandat nëmme bis zum Alter vun 72 Joer ausüben.

7 | **Kann ee Conseiller sinn a gläichzäiteg aner Funktiounen ausüben?**

Jo. D'Funktioun vum Conseiller ass kompatibel mat all aner Funktioun oder Beruff, ausser deem vum Regierungsmember, Deputéierten, Member vum Europaparlament, Member vun enger Berufskummer oder vum Wirtschafts- a Sozialrot, Verwaltungsriichter, Agent vum Sekretariat oder Member vum Ethikcomité vum Staatsrot.

8 | **Wat versteet een ënner Droit?**

Den Droit ass en Ensembl vu Regelen, déi de Status vu Leit a Saachen, d'Relatiounen tëscht de Leit, d'Relatiounen tëscht dem Staat an de Bierger an d'Rechter a Flichte vu jidderengem festleeën. Dës Regele sinn obligatoresch.

Si sinn normalerweis geschriwwen a stinn an der Verfassung, de Gesetz an de groussherzogleche Reglementer, an internationale Verträge an a Reglementer an Direktive vun der Europäescher Unioun.

9 | **Wat ass d'Hierarchie vun den Normen?**

D'Regele sinn net all gläichgestallt. All Regel muss konform sinn zu de Rechtsnormen, déi driwwer stinn. Esou mussen d'groussherzoglech Reglementer konform zu de Gesetzter sinn, déi selwer konform zu der Verfassung musse sinn. International Verträge, Reglementer an Direktive vun der Europäescher Unioun stinn iwwert der Verfassung.

10 | **Wat ass d'Verfassung?**

Et ass d'Grondgesetz vum Staat, wat déi wesentlech Rechter vun de Staatsbierger definéiert, d'Grondprinzipie vun der Funktiounsweis vum Staat festhält an d'Kompetenzen an de Fonctionnement vun den ëffentlechen Institutiounen regelt.

Déi aktuell Verfassung gouf de 17. Oktober 1868 ugeholl an zënterhier oft geännert. Déi ganz Verfassung gëtt de Moment vu Grond op iwwerschaft.

11 | **Wat ass e Gesetz?**

E Gesetz ass en Akt, dee vun der Chamber gestëmmt gëtt, nom Avis vum Staatsrot, a vum Groussherzog verkënnegt gëtt. Et ass den Akt vum legislative Pouvoir.

E Gesetz leet am Prinzip generell Regele fest.

12 | **Wat ass e groussherzoglecht Reglement?**

E groussherzoglecht Reglement ass en Akt vum Groussherzog, dee fir d'Duerchféierung vun de Gesetzer an internationale Verträge noutwenneg ass. E Reglement ass en Akt vum exekutive Pouvoir.

13 | **Wéi setzt sech d'Parlament zesummen?**

An de meeschte Länner besteet d'Parlament aus zwou Kummeren. Zu Lëtzebuerg besteet d'Parlament aus enger Kummer: der Chamber. D'Chamber setzt sech aus 60 Deputéiert zesummen, déi an allgemenger an direkter Wal gewielt ginn, wat se zu Volleksvertrieder mécht.

14 | **Wéi ginn d'Gesetzer gestëmmt?**

D'Regierung presentéiert der Chamber Gesetzesprojeten. D'Deputéiert selwer formuléiere Gesetzesproposen.

D'Gesetzesprojeten a Gesetzesproposen gi vun der Chamber mat der Majoritéit vun de Stëmme uegeholl. Den Avis vum Staatsrot muss der Chamber virum endgültege Vote virleien.

Falls Amendementer am Gesetzesprojet oder an der Gesetzespropos virkommen, muss de Staatsrot dozou och en Avis ofginn. Well et keng zweet Kummer gëtt, muss d'Chamber zweemol iwwert dee ganzen Text ofstëmme an dëst mat engem Intervall vu mindestens dräi Méint tëschent deenen zwee Votten. Allerdéngs kann d'Chamber entscheeden, keng zweete Kéier ofzestëmme, dëst nëmme mam Accord vum Staatsrot. Dat nennt een d'Dispens vum zweete Verfassungsvote.

De Staatsrot gëtt an der Praxis meeschtens säin Accord, ausser wann e fënnt, dass de Gesetzesprojet oder d'Gesetzespropos géint Rechtsnormen, déi driwwer stinn, verstéisst.

15 | **Wat steet an engem Avis vum Staatsrot?**

A sengen Avisen ënnersicht de Staatsrot d'Texter, déi him virgeluecht ginn, dat souwuel an hirer Form wéi an hirem Inhalt. E kontrolléiert, ob Rechtsnormen, déi driwwer stinn, respektéiert ginn.

De Staatsrot kann och Textvirschléi maachen, fir Äntwerten ze ginn op d'Observatiounen, déi e formuléiert.

16 | **U wie riicht sech dem Staatsrot säin Avis?**

D'Avisen iwwer d'Gesetzesprojeten a Gesetzesproposen sinn un d'Chamber an un d'Regierung geriicht.

D'Avisen iwwert d'Reglementsprojete riichten sech just un d'Regierung.

D'Avisen vum Staatsrot ginn op senger Websäit publizéiert.

17 | **Wat ass eng sougenannten Opposition formelle?**

De Staatsrot mécht eng Opposition formelle, wann en der Meenung ass, dass d'Gesetzesprojeten oder d'Gesetzesproposen net mat enger méi héijer Rechtsnorm konform sinn.

Hiren Zweck ass et, d'Regierung oder d'Chamber dozou ze bréngen, e Projet ze änneren, fir dass e konform zu de méi héije Rechtsnormen ass.

Wann d'Chamber den Text stëmmt, ouni op d'Opposition formelle ze reagéieren, da gëtt de Staatsrot d'Dispens vum zweete Vote net.

18 | **Kann de Staatsrot e Gesetz verhënneren?**

Nee. De Staatsrot äussert sech nëmme iwwert d'Dispens vum zweete Vote. Déi eenzeg Konsequenz, wann en d'Dispens net gëtt, ass, dass d'Chamber bannent dräi Méint eng zweete Kéier ofstëmme muss.

19 | **Ass de Staatsrot eng zweet Kummer?**

Nee. D'Conseillere ginn net iwwert eng allgemeng direkt oder indirekt Wal gewielt, mä vum Groussherzog genannt. Si si keng Volleksvertrieder, an dowéinst ass de Staatsrot net mat engem Senat gläichzesetzen.

De Staatsrot ersetzt zum Deel eng zweet Kummer, net nëmme duerch seng Berodungsmissiounen an d'Kontroll vun der Konformitéit vun de Gesetzer zu de Rechtsnormen, déi driwwer stinn, mä haaptsächlech duerch seng Roll bei der Dispens vum zweete Vote.

20 | **Ass de Staatsrot nach ëmmer e Geriicht?**

Nee. Sait 1996 ass de Staatsrot kee Verwaltungsgeriicht méi.

21 | **Wéi vill Avisen huet de Staatsrot 2016/2017 ofginn?**

De Staatsrot huet 434 Avisen ofginn.

22 | **Wéini ass d'Gebai vum Staatsrot gebaut ginn?**

De Staatsrot ass op senger haiteger Adress seit Dezember 1959. Hei stoung bis dohin eng Villa vun 1888, an där eng Bank war. D'Gebai gouf am Joer 2006, dem Joer vum 150. Gebuertsdag vum Staatsrot, vergréissert a renovéiert.

